N°3422
Entrée le 04.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3422 vum 9. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Op wéi enger geneeër legaler oder reglementarescher Basis (Artikel an de Statuten oder der Nomenklatur) berout de Refus vun der CNS, zwou verschidden a medezinesch verschriwwen Echographien, déi um selwechten Dag gemaach ginn, ze rembourséieren, wann den Artikel 36 vun de Statuten nëmmen explizit Limitatioune fir Consultatiounen an obstetresch Echographien ernimmt?*

*2. Ass d'Ministesch der Meenung, datt dës Praxis am Aklang mam Prinzip vun enger effizienter a patiente frëndlecher Versuergung steet, besonnesch wann et sech ëm Ënnersichunge vu ganz verschiddene Kierperregiounen handelt (z. B. Schilddrüs an Abdomen)?*

*3. Gëtt et Pläng, dës administrativ Hürd ofzeschafen, fir ze verhënneren, datt Patiente kënschtlech zu duebele Visite gezwonge ginn an domat d'Disponibilitéit fir aner Patiente reduzéiert gëtt?*

D'Verrechnungsreegele vun den Echographië sinn am Artikel 17 an der Nomenclature vun den Akten a Leeschtunge vun den Dokteren[1] virgesinn. Am Kader vun der selwechter Seance gesäit den Artikel 17, Alinea 3 vun der Nomenclature dëst vir: *"Lorsque, lors d'une même séance, plusieurs procédés d'imagerie médicale sont mis en oeuvre pour examiner le même organe, respectivement le même segment, ces procédés ne sont pas cumulables, sauf dérogations précisées dans la 2e partie de l'annexe ou accord du contrôle médical".*

Den Artikel 17, Alinea 4[2] vun dëser Nomenclature gesäit vir, datt d'Akten, déi an der Sous-Sektioun 1 "Echographie (échotomographie, ultrasonographie)" vun der Sektioun 3 "Imagerie médicale utilisant les agents physiques sans radiations ionisantes" vum Kapitel 8 "Imagerie médicale, radiologie interventionnelle, radiothérapie" virgesi sinn, net ënnert sech kumuléierbar sinn. Am Alinea 5 bis 7 ass da virgesin datt et de Gynécologen, de Gastro-Enterologen an den ORL'en net erlaabt ass déi Akten aus der virdrun ernimmtener Sous-Sektioun 1 ze verrechnen. Fir d'Gynécologe, d'Gastro-Enterologe an d'ORL'e besti spezifesch Akten am Kontext vun den Echographien an der Nomenclature vun den Doktere.

De Cumul vun enger obstetrescher Echographië mat enger anerer Echographie (ausser déi mam Code 8E13 *"Examen échographique des organes intra-abdominaux et/ou intrapelviens; non applicable pour échographie en rapport avec la grossesse"*), déi um selwechten Dag beim selwechten Dokter duerchgefouert ginn, ass méiglech. An deene Fäll spillt den Artikel 9, Alinea 1[3] vun der Nomenclature de virgesäit, dass Dokteren den Akt mam héchsten Tarif zu 100% a Rechnung stellen dierfen, den zweeten, respektiv den drëtten Akt zu 50%.

[1] Règlement grand-ducal modifié du 21 décembre 1998 arrêtant la nomenclature des actes et services des médecins pris en charge par l'assurance maladie
[2] « Les actes de la sous-section 1 (échographie), section 3, du chapitre 8 de la deuxième partie de l'annexe ne sont pas cumulables entre eux. »
[3] « Lorsqu'au cours d'une même séance, plusieurs actes techniques sont effectués sur une même personne par le même médecin, celui-ci a droit au tarif de l'acte dont le coefficient est le plus élevé ainsi qu'à cinquante pour cent du tarif du deuxième acte et le cas échéant, du troisième acte. Les actes suivant le troisième acte ne donnent pas lieu à honoraires. Le médecin note le tarif réduit en application du présent article sur le mémoire d'honoraires en complétant le code de l'acte par la lettre "R". »

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Aktuell gëtt et keng Diskussiounen an der Nomenclatureskommissioun déi drop hindeiten datt des Reegelunge solle geännert ginn.

Lëtzebuerg, den 4. Februar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez